


# Lauschterwee mam Sila

hOHRizont
SCRIPT

Gratis

Cycle 1.2 an Cycle 2.1

Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet an der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren

De *Lauschterwee mam Sila* ass en Zousazmaterial zum Programm *Phonologesch Bewosstheet mam Sila*. Dëse Programm kann als PDF op der Internet-Säit sila.script.lu erofgeluede ginn.

**Asazberäich**
D'Aktivitéite riichte sech an der Reegel

- un d'Kanner aus dem Cycle 1.2 an dem Cycle 2.1 vun der Grondschoul
- un déi Kanner, déi am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere méi Schwieregkeete begéinen

**Esou gëtt gespillt**
De Lauschterwee mam Sila bitt 5 Spillstufen (Bild 1), déi eng no där anerer fräigeschalt ginn.

- Lauschterspiller
- Reimspiller
- Silbespiller
- Ulautspiller (mat Buschtawen)
- Lautspiller

Eng Spillstuf besteet aus zwee Lauschterweeër (Bild 2), ee Lauschterwee mat Basis-Aktivitéiten an ee mat Zousaz-Aktivitéiten.

Mat dësem interaktive Programm kritt d'Kand bei all Äntwert eng direkt Réckmeldung, ob seng Äntwert richteg oder falsch ass (Bild 3). Zum Schluss vun all Aktivitéit gesäit d'Kand dann, wéi vill vun sengen Äntwerte richteg waren. Fir d'Léierpersoun ass dës Informatioun zu all Moment an dem Kand sengem Léierstand ze gesinn (Bild 4). Hei kann och fir all Kand en individuellen Aktivitéitsplang ausgewielt ginn (Bild 5).

**Wat kann ech wielen**
Gewielt ka ginn tëscht

- der reng auditiver Versioun, bei där d'Kand sech ganz op d'Lauschtere konzentréiert,
  an der visueller Versioun, bei där di geschwate Wierder zousätzlech mat engem Bild illustréiert ginn

- der lëtzebuergescher Versioun
  an der däitscher Versioun.

**Wichteg**: Bei iOS Geräter (iPad, iPhone) maacht w.e.g. en Update op mindestens d'Versioun 15.3.1.
Fir all Réckmeldung oder Hëllefsstellung bei technesche Froen went Iech u info@profax.ch. Fir all Fro zum Inhalt un sila@script.lu

Handbuch Deutsch

**profax Verlag AG**
Postfach
8401 Winterthur
Schweiz
+41 44 500 60 10
info@profax.ch
www.profax.ch

hOHRizont
SCRIPT

**Gratis**

# Lauschterwee mam Sila

Cycle 1.2 an Cycle 2.1

Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet an der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren





Bild 1 – De Lauschterwee mam Sila bitt 5 Spillstufen.





Bild 2 – All Spillstuf huet seng Lauschterweeër.



Bild 3 – Bei all Äntwert kritt d'Kand eng direkt Réckmeldung.





Bild 4 – D'Léierpersoun huet Abléck an dem Kand säi Léierstand.





Bild 5 – Fir all Kand kann en individuellen Aktivitéitsplang ausgewielt ginn.


**profax Verlag AG**
Postfach
8401 Winterthur
Schweiz
+41 44 500 60 10
info@profax.ch
www.profax.ch


profax